La Canne Blanche a.s.b.l.

Les amis des aveugles du Grand-Duché de Luxembourg

691-887 022
15, am Becheler
L-7213 Bereldange
www.canne-blanche.lu

Wien ass d'Canne Blanche ?

D'Canne Blanche wëllt blann a sehbehënnert Leit, déi bei eis am Land liewen, moralesch a finanziell ze ënnerstëtzen, solidaresch mat hinne sinn, a fir hir Problemer antrieden.

D'Canne Blanche huet 136 Memberen. Am Verwaltungsrot sinn 7 sehent Fräiwëlleger, ee Vertrieder vun der Blannevereenegung an 2 Vertrieder vun de Memberen.

Weist är Sympathie duerch een Don op de CCP IBAN LU34 1111 0316 4220 0000

Watfir Aktivitéiten huet d'Canne Blanche ?

Iwwert d'Joer ewech organiséiert de Verwaltungsrot vun der Canne Blanche eng Rei vu Manifestatiounen a Sortië fir d'Memberen, fir Ofwiesslung an hiren Alldag ze bréngen.

Hei de Programm vun 2017:

21.1.: Assemblée plénière zu Diddeleng
22.4.: Pasta Fiesta zu Féitz am Restaurant Rana
15.7.: Grillfest zu Colpech
3.-7.9.: verlängerte Weekend um Schluchsee (zesumme mat der Fondatioun Lëtzebuerger Blannevereenegung)
7.10. : Schëffstour op der Musel
Dezember : Chrëschtfeier zu Bierschbech a Virement vun enger « pécule de Noël » un all Member

Wéi finanzéiert d'Canne Blanche hir Aktivitéiten ?

D'Canne Blanche ass als A.S.B.L. op d'finanziell Ënnerstëtzung vu Privatleit a Firmen (Spenden, Ierfschaften, etc.) ugewisen.

Wéi gëtt ee Member vun der Canne Blanche ?

Fir Member ze ginn, muss een eng Demande (mat Attest vum Aendokter iwwer d'Behënnerung) un de Verwaltungsrot schreiwen an d'Cotisatioun vu 10€ d'Joer iwwerweisen. Duerfir kann een och en extra Formulaire ufroen.

Merci datt Dir Iech Zäit geholl hutt dëse Prospekt ze liesen.